

ET SPuert EEN NET UN DER BILDUNG!

– Firwat demonstréiere mir haut?

Mir protestéiere géint de Projet de loi 6670: d'Reform vun de Studiebahillefen. Mir maachen dat, well mir der Meenung sinn, dass Student*innen erwuessen, eegestänneg Mënsche sinn, déi selwer decidéieren kënnen, wat a wou si studéieren. De 6670 schéckt d'Student*innen zeréck an d'Ofhängegkeet: d'Wiel vu Studium an der Studie-Stad, ass da vun hiren Elteren ofhängeg a keng eegestänneg Décisioun méi.

Wat verännert sech duerch d'6670-Gesetz?

ALESYSTEM

Basisbourse: 6.500 €/Joer + **Prêt:** bis max. 6.500 €/Joer (muss een nom Studium zeréckbezuelen) + **Studiegebühren** gi bis zu 3.700€ zeréckbezuelen (zu 50% Bourse an 50% Prêt).

6670 SYSTEM

Basisbourse: 2.000€/Joer = d.h. fir vill Student*innen just 160€ am Mount fir ze liewen. (D'Kannergeld fir Schüler*innen ass min. 3.793,20€/Joer (316€/Mount), d.h. bal duebel sou héich wéi beim 6670.) + **Mobilitéitsbourse:** 2.000€/Joer just fir Student*innen déi am Ausland Loyer bezuelen. (D.h.: Student*innen vun der Uni.lu an och Student*innen aus Frontalierfamilljen gi benodeelegt. (zB. Elteren zu Tréier, Studium zu Berlin)) + **Sozialbourse:** Je no Akommes vun den Elteren kréien Student*innen nach Suen (den max. Betrag vun 2500€/Joer kréien nach just 15% vun de Leit) + Prêt (wéi virdrun) + **Studiegebühren** wéi virdrun bis zu 3.700€.

a sollen awer dofir bezuelen. D'Gesetz gouf iwwert de Knéi gebracht, et gouf net genug Recherche gemaach.

– Ass ee Streik wierklech néideg?

Jo! Et gouf scho vill Gespréicher mat der fréierer Madame Minister an dem neie Minister, wéi och mat aneren Organisatiounen, déi un dësem Thema schaffen. **An dëse Gespréicher si mir net méi weider komm.** Elo si mir op dech ugewisen fir ze weisen, dass an der Bevëlkerung eng grouss Mass vu Leit net mam 6670 averstane ass. D'Regierung muss den **"Drock vun der Strooss"** ze spiere kréien, fir datt mir an de Gespréicher weiderkommen an déi Jonk an hire Protest endlech seriö geholl ginn. Duerch de Streik gëtt Opmierksamkeet op d'Thema gelenkt, wat immens wichteg ass.

– Hu Studenten eng Bourse verdéngt? Sidd dir net einfach just liddereg?

Bildung ass eng Investitioun fir d'Zukunft, déi herno der ganzer Gesellschaft zegutt kennt. D'Student*innen kréie scho lo wesentlech manner wéi den Mindestloun, dobäi hu si, wann ee Virlesungen, Übungen, Seminairen, Laboen, Léieren etc. zesammenzielt, méttlerweil [wéinst dem Bologna-System (Bachelor/Master)] dax **méi wéi 50 Schaffstonnen d'Woch.** D'Student*innen bezuele Loyer a mussen selwer fir hir Liewenskäschten opkommen: Schonn haut gi vill vun de Student*innen weekends oder owes/nuets schaffen fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Mir loossen eis net weider diskriminéieren!

– Wat kritiséiere mir um 6670-System?

De 6670 ass eng massiv Kierzung, 90% vun de Student*innen sinn dovun betraff a vill Student*innen wäerten sech kee Studium méi leeschte kënnen. D'Basisbourse kann d'**Autonomie** vu Student*innen net méi garantéieren. D'Mobilitéitsbourse ass **onfair**, si misst fir jidderee gëllen, deen net méi bei sengen Elteren leeft a selwer Loyer bezillt. Déi sougenannt "Sozialbourse" huet just een eenzege Critère: d'Akommes vun den Elteren. Ouni ze kucken, wéi vill Kanner am Stot wunnen oder wéi vill Scholden d'Elteren hunn. De 6670 ass **an déi falsch Richtung sozial selektiv:** Kanner aus sozial schwache Famillje gi vum Studium ofgehal! De Prêt war schonn ëmmer e **Kaddo un d'Banken** – elo wäerten nach méi Student*innen sech nach méi héich verschëlde mussen. D'Staatsscholden ginn un déi Jonk weidergereicht. **Mir sinn net fir d'Kris verantwortlech**



STREIK! 25. Abrëll

Oflaf Geesseknäppchen:

Vum Alima aus duerch de Rodange, ECG a Kolléisch. Point de rassemblement um Parking iwwert dem ECG um 10:00. Vun do aus Départ ca. 10:15.

Oflaf Gare:

Rdv fir Schoulen aus dem Rescht vum Land um Parvis virun der Gare um 10:15, Départ um 10:30.

Oflaf Lampertsbierg:
Vun den eenzelne Schoulen aus op de Point de rassemblement, Plaatz virum LGL fir 10:15 an Départ um 10:30.

Zil: Place Claire Fontaine

– **Keng Angscht virum NON EXCUSÉ!** Bei dëser Manifestatioun dobäi ze sinn ass d'Recht vun all Schüler*innen, dat huet och den Educatiounsministère accordéiert. Deng Régenten hu Lëschten op deenen du dech androen kanns, doduerch ass een dann excuséiert. Wann deng Proffen sech queesch stellen: Maach trotzdem mat beim Streik an schrei wann et Stress gett duerno eng Mail un info@unel.lu: Mir këmmen eis drëm. **Och Schüler*innen aus dem Cycle inférieur (7ème bis 4ème) dierfe mat streike goen!**

Infos an Live-Ticker op:

Scheck Photoen/Infos während dem Streik un streik6670@hotmail.com

Streik.lu

Fir dat et noom Streik weidergeet, an d'Energie genotz gëtt: Sief dobäi beim nächste Treffen vum Streikkomitée: 5. Mee 2014 - 17:00 Auer - CGJL: 87 rte de Thionville / Luxembourg